


**Positionspabeier iwwert déi national
Ëmsetzung vun der „Digital Single Market“
(2019/790) Direktiv betreffend
Copyright/Auteursrecht**



Chaos Computer Club Lëtzebuerg

copyrightreform.lu

Contenue

| | |
|--|-----------|
| Virwuert | 3 |
| Articles 3 & 4: Text and Data Mining | 4 |
| Article 5: Digital and cross-border teaching activites | 7 |
| Article 6: Preservation of cultural heritage | 10 |
| Article 7: Contractual and technological override | 12 |
| Articles 8–11: Use of out-of-commerce work | 14 |
| Article 14: Works of visual art in the public | 17 |
| Article 15: Protection of press publications concerning online uses | 19 |
| Article 17: Use of copyrighted content by online platforms | 20 |
| Resourcen | 23 |

Virwuert

D'Lëtzebuurger Regierung huet bis de 7. Juni 2021 Zäit fir d'„Digital Single Market“ Direktiv (2019/790), wou et ëm Copyright/Auteursrechter geet, an e nationaalt Gesetz ëmzesetzen. Dës Gesetzgebung wäert d'Reegelen nei gestalten déi d'Benotzererfahrung vun haut massiv beaflossen.

Mir vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg (C3L) sinn eng Organisatioun déi sech fir Kommunikatiouns- an Informatiounsfräiheet a setzt, sech der Bildung am Beräich vun den neien Technologien an dem Dadeschutz verflucht huet. Sou férdere mir ee kreativen, awer och kriteschen Ëmgang, mat der Technologie. Als Organisatioun déi „Digital Natives“ representéieren, un d'Fräiheet fir ze erschafen an un d'Fräiheet vum Ausdrock gleewen, gesi mir dës national Reform als eng Chance fir biergerlech Fräiheeten a Biergerrechter am Gesetz ze verankeren.

Mir stellen eis eng Welt vir an där d'Bierger online geschützt sinn, fräi sinn sech selwer ze bilden, e Geschäft ze féieren an um demokratesche Prozess deelzehuelen. Déi rezent aussergewéinlech Situatioun huet gewise wéi wichteg et ass, datt eis Gesellschaft Zougang zu enger robuster Kommunikatiounsinfrastruktur huet. Awer et huet och gewisen, datt vill Aktivitéiten a Sécherheitsmoossnamen, déi am reelle Liewe perfekt normal sinn, net am Aklang mam Gesetz an der elektronischer Welt sinn.

Als Chaos Computer Club Lëtzebuerg beschäftege mir eis mat der Interaktioun zwéischen Technologie a Kultur an doduerch gesi mir eis an der Lag, an och an der Flicht, d'Auswierkung vum dëser neier Copyright/Auteursrecht Direktiv op déi aktuell Kultur an Technologie ze thematiséieren. An dësem Positiounspabeier gi mir ob déi verschidde positiv & negativ Konsequenze vun dëser Direktiv an a mir proposéiere verschidde Fuerderunge fir datt de lëtzebuergesche Legislatueur dës Direktiv beschtméiglech ëmsetzt.

„Articles 3 & 4: Text and Data Mining“

Artikelen 3 & 4: Text an „Data-Mining“

D'Artikelen 3 a 4 këmmere sech ëm d'Notzung vu Copyright/Auteursrechtlech geschützte Wierker an der Fuerschung. An deene leschte Joren ass „Big Data“ ëmmer méi omnipresent ginn a gëtt méttlerweil vu ville verschiddene Leit benotzt, ënnert anerem vu grouse Firmen, Organisatiounen am Fuerschungssektor an och vun individuelle Persounen. De Kär vu „Big Data“ ass, dass Computer Analysen op strukturéiert an net-strukturéierte Date kënnen maachen an dorausser Informatiounen zéien. Dëst gëtt dacks als „Text- an Data-Mining“ bezeechent.

Den europäesche Legislatuer huet festgestallt, datt d'Lizenzéierung vu legal verfügbaren Daten, de Wuesstem vu „Big Data“ a kënschtlecher Intelligenz an Europa géif belaschten. Dofir goufen dës Ausnamen decidéiert, fir d'Fuerschung net ze behënneren. Als Chaos Computer Club Lëtzebuerg begréisst mir dës zwee Artikelen, mee mir wëllen awer ob e puer Punkten opmierksam maachen.

„Article 3: Text and data mining for the purposes of scientific research“

Artikel 3: Text an „Data-Mining“ fir wëssenschaftlech Fuerschungszwecker

Den [Artikel 3](#) beschäftegt sech mat der Fuerschung vu Fuerschungs- a Kulturinstitutiounen. Op folgend Punkte wëlle mir opmierksam maachen:

1. **72 Stonnen Delai bis den Zougang garantéiert muss si falls technologesch Schutzmoosnamen den „Data-Mining“ verhënneren:** Den Rechtebesëtzer soll et erlaabt sinn, proportional Moosnamen ze huele fir d'Sécherheet an d'Integritéit vun hire Netzwierker a Datebanken ze garantéieren wa Wierker op hiren eegene Systemer gelagert sinn. Dës Moosnamen däerfen awer net méi wäit goe wéi et néideg ass, fir dat Zil ze erreechen.

Dat bedeit fir eis, dass dës Moosnamen net d'Ausübung vun den Ausnamen, déi ënnert dem Artikel 3 erlaabt si verhënneren. Wann déi technesch Moosnamen dës Ausname verhënneren, muss der Persoun déi eng Ufro op dës Wierker gemaach huet, bannent 72 Stonnen den Zougang garantéiert ginn.

2. **Keng spezifesch Schutzmoosname festlee mat deenen Wierker gespärcht mussen ginn:** Europäesche Bibliothéike gëtt vertraut, iwwer 2,56 Milliarde Euro am Joer auszegi fir wëssenschaftlech Bicher a Zäitschrëfte fir Fuerschungszwecker ze kafen. Dëst beinhalt och fir „Data-Mining“ Zwecker. Mir sinn der Meinung, dass hei de Prinzip „Vertraut ze kafen, vertraut ze benotzen.“ soll gëllen. D'Universitëten sinn et gewinnt entsprechend Sécherheitsmoosnamen opzesetze fir hir eegene Systemer, wéi och déi vun Drëttbidder, ze schützen.

Déi meescht Organisatiounen, déi technologesch Sécherheitsmoosnamen ëmsetzen, sinn un der Spëtzt vun der IT-Sécherheet, an d'Entscheidung driwwer, wéi

Informationen am besten zu sichern, die aus Text an „Data-Mining“ entstammen, sollte den Datenwissenschaftler an den involvierten Organisationen iuswerloos sein. Dohinst wolle mir dorop opmierksam maachen, dass keng spezifesch technologesch Schutzmoosname solle festgeluecht sein.

- 3. Keng Noutwennegkeet schafen, dass Date bei vertrauenswierdegen Intermediaire gespächert musse sein:** Et ass essentiell wichtig datt Copyright/Auteursrecht Gesetz vun de Memberstaaten net mat der Finanzéierung duerch Fuerschungsfongen a Konflikt kënn. Fir d'Datekonservatioun ze maximiséieren a weidert Benotze duerch aner Fuerscher ze garantéieren, loosse d'Fuerschungsfongen d'Entscheidung wou d'Date gespächert gi bei de Fuerscher an de Projeten.

All Voraussetzung, dass Date bei drétt Parteien ze späichere wieren, ennergrueft bestoend „Best Practice“ Datemanagement Politik vu Fuerschungsfongen, die vum Steierzueler bezuelt sein, z.B. Europäesch Kommissioun, DFG, UKRI etc. Dohinst fuerdere mir, des Noutwennegkeet net anzeféieren.

- 4. Net nëmmen „Data-Mining“ als Ausnam festleeën:** D'Direktiv benotzt de Begrëff „Text- an Data-Mining Technologien“. Leider ass des Wuertwiel ee besse schwammeg, well och z.B. Datenanalys sollte erlaabt sein. Et bréngt näischt fir d'Fuerschung, wann si nëmmen daerf Date sammeln, die awer net auswäerten.

Fir die verschidden technesch Kontexter ze reflektéieren an deenen d'Datenanalyse ka stattfannen, empfehle mir eng breet Definitioun vun „Data-Mining“ an Datenanalyse festzeleeën.

- 5. Remote Zougang soll erlaabt sein:** Och sollte et de Fuerscher erlaabt sein, digitaliséiert analog Wierker, ausserhalb vun de Raimlechkeete vun der Institutioun, fir Fuerschungszwecker ze benotzen. Falls des Méiglechkeet net géif implementéiert sein, da géif dest Zil vun desen Ausnamen ennergruewen. Och hunn Datenwissenschaftler dacks net d'Méiglechkeet een „Data-Mining“ Zenter an de Raimlechkeete vun hirer Organisatioun opzebauen a musse gezwongener Weis op Servicer aus Datenzentere zréckgräifen.

- 6. Veröffentlichung vun Ergebnissen vu Fuerschung op Copyright/Auteursrechtlech geschützte Wierker sollen erlaabt sein:** Die meescht Daten die Datenwissenschaftler deele wollen, wäerten Originalwierker net ersetzen. Well se nei verschafft goufen, entstammen ofgeleet Daten, aus deenen d'Originalwierk net erëm hierstellen ass. Dohinst fuerdere mir, dass d'Veröffentlichung vun den Ergebnissen sollte integral erlaabt sein.

- 7. „Data-Mining“ vu Software soll erlaabt sein:** Den Artikel 3 schwätzt, am Géigesaz zu Artikel 4, net vun „Data-Mining“ op Software. Fir Zweifel ze vermeiden, fuerdere mir, dass „Data-Mining“ op Sourcecode vu Software, och ennert den Ausname vun Artikel 3 sollte erlaabt sein.

„Article 4: Exception or limitation for text and data mining“

Artikel 4: Ausnam oder Limitatioun fir Text an „Data-Mining“

Den [Artikel 4](#) huet zum Ziel, Fuerschung vu Jidderengem, net nëmme vu Fuerschungs- oder Kulturinstitutionen, ze reegelen. Den Ënnerscheed ass, dass ënnert Artikel 4, de Rechtesbesëtzer awer explizit kann dës Ausname refuséieren. Dofir wëlle mir de Lëtzebuergeresche Legislatueur op folgend Punkten opmierksam maachen, niewent deene Punkten déi mir scho beim Artikel 3 genannt hunn:

1. **Keng Remuneratioun fir Informatiounen aus dem oppenen Internet:** Et wier onthesch eng remuneréiert Ausnam fir de Contenu aus dem oppenen Internet ze erschafen, well déi grouss Majoritéit vu Websäite vu Persounen oder Organisatioune geréiert ginn, déi einfach Informatiounen wëllen deelen. Och wier d'Verdeelung vun enger Remuneratioun op Honnerte vu Milliounen Websäite weltwäit onméiglech.

Ausserdeem besteet ënnert dem Artikel 4, d'Méiglechkeet, dass Rechtesbesëtzer, d'Benutzung vun dëser Ausnam kënne refuséieren an iwwert Lizenze kréie si souwisou schonn eng Remuneratioun. Och géif dës ëffentlech-privat Partnerschaften tëscht Fuerschungsorganisatiounen a privaten Entitéite méi schwierig maachen.

2. **Ee globalen technesche Standard:** Falls Wierker online verfügbar sinn, an de Rechtesbesëtzer säi Recht duerchsetze wëll, da soll dëst iwwert ee globalen technesche Standard gemaach ginn, wéi z.B. *robots.txt*.
3. **Kontrakter solle kloer an eendeiteg sinn:** Falls Wierker kauft ginn, sollen Aschränkunge kloer an eendeiteg an de Kontrakter formuléiert sinn.

„Article 5: Digital and cross-border teaching activities“

Artikel 5: Digital a grenziwwerschreidend Léieraktivitéiten

Memberstaate müssen ënnert [Artikel 5](#) eng obligatoresch Ausnam aféieren, déi et dem Schoulpersonal, Educateuren, Schüler a Studenten erlaabt Copyright/Auteursrechtlech geschütztent Material an digitalen a grenziwwerschreidend Léieraktivitéiten ze benotzen.

Zil vun dëser Ausnam ass et, dass déi concernéiert Persounen, an engem formalen Educatiounssetting, déi selwecht minimal Rechter a ganz Europa hu fir Copyright/Auteursrechtlech geschütztent Material fir Educatiounszwecker ze benotzen. Dëst erlaabt et Educatiounsinstitutioune sech an digitalen, edukativen Aktivitéiten ze engagéieren, déi Schoulpersonal, Educateuren, Schüler a Studenten aus verschiddenen Memberstaate versammelen (z.B. kéint doduerch d'Universitéit Lëtzebuerg een „Distance Learning“ Programm aféieren, wou Studenten an Däitschland oder Frankräich liewen an awer Copyright/Auteursrechtlech geschützten Wierker benotzen).

Mir als Chaos Computer Club Lëtzebuerg begréissen dësen Artikel, wëllen awer folgend Punkten a Consideratioun stellen:

1. **Keng Méiglechkeet gi fir speziell Educatiounslizenzen:** Paragraph 2 vum Artikel 5 gëtt de Rechtebesëtzer d'Méiglechkeet, speziell Educatiounslizenzen unzebidde fir hier Wierker an engem edukative Kontexter ze benotzen. Dëst muss awer vun de Memberstaaten net implementéiert ginn.

Mir, als Chaos Computer Club Lëtzebuerg fuerderen, dass de lëtzebuergesche Legislatueur dës Optioun net ëmsetzt. Dës Optioun féiert den Artikel 5 ad absurdum a géif de ganzen Zweck vu dësem Artikel onnëtz maachen. Et besteet Gefor, dass esou Lizenzen net negociéierbar wieren an och géif et een Nodeel fir edukativ Institutioune schafen a Punkte wéi Käschten, bürokrateschem Opwand, Iwwerwaachung dass d'Lizenzrechter uerdentlech agehale ginn, an Ongewëssheet iwver Konditiounen déi nach an der Lizenz kéinte verankert ginn.

2. **Keng Kompensatioun fir Rechtebesëtzer, falls Wierker an engem edukative Kontext genotzt ginn:** Eng Ausnam ass natierlech kee Fräischäi fir Copyright/Auteursrechtlech geschützte Wierker fir Zwecker ze benotzen, déi ee Schued fir de Rechtebesëtzer zur Folleg hätt.

D'Benotze vun de Wierker ënnert den Artikel 5 Ausname stellt awer keng Gefor duer, an dowéinst fuerdere mir dass de Paragraph 4 vum Artikel 5 net implementéiert sollt ginn.

3. **Keng Limitatioun op Quantitéiten aféieren:** De Paragraph 21 am Preamble vun der Direktiv gëtt de Memberstaaten eng Optioun, Quantitéite festzeleeën, wei vill vun de Wierker an engem edukative Kontext dierf benotzt ginn. Pourcentage festzeleeën (wéi z.B. nëmmen 15% vun engem Buch) gesi mir kritesch, well et zu onfaire Situatioune géif féieren. Ausserdeem géif et d'Copyright/Auteursrecht Gesetzer

zwëschen den europäeschen Memberstaaten net harmoniséieren, well all Memberstaat kéint ënnerschiddlech Quantitéite festleeën.

Dëst wier kontraproduktiv zum Zil vun dësem Artikel, well et géif online a grenziwwerschreidend edukativ Aktivitéite verhënneren. Dofir fuerdere mir de Lëtzebuergesche Legislatueur op, dëse Paragraph net ëmzesetzen.

4. **„Sécher elektronesch Ëmfelder“ kloer definéieren:** Grad duerch d’Coronakris hu mir gesinn, wéi wichteg digital edukativ Onlineplattformen sinn. Modern Education setzt, och hei zu Lëtzebuerg, op Email, Cloud Services an Chatrooms ënnert anerem, fir edukatiivt Material ze verdeelen.

Eng ze enk Definitioun vu „Sécher elektronesch Ëmfelder“ kéint awer dozou féieren, dass Plattformen, déi an der Zukunft benotzt ginn, net ënnert d’Ausname vun dësem Artikel kéinte falen. Mir fuerderen, dass eng breet gefächert Definitioun fir „Sécher elektronesch Ëmfelder“ sollt ëmgesat ginn. Mir schloefolgend Definitioun fir:

„Sécher elektronesch Ëmfelder ëmfaasst all digital Plattform, abegraff, awer net nëmmen, E-Mails, Kommunikatiounsservices, Gruppenchats oder aner elektronesch Kommunikatiounsnetzwerke a Services, déi fir edukativ Zwecker genotzt ginn a wou den Zougang limitéiert ass op Schoulpersonal, Educateuren, Schüler, Studenten an all Personal vun edukativen Institutiounen.“

5. **Distributioun vu Copyright/Auteursrechtlech geschützte Wierker erlaben:** Ausname vum Artikel 5 bekëmmere sech ëm digital Notzung vu Copyright/Auteursrechtlech geschützte Wierker. Mir sinn der Meenung, dass och net digital Notzung vun dësen Wierker fir edukativ Zwecker sollt erlaabt sinn, well physisch Kopie ginn z.B. vum Schoulpersonal gebraucht fir Course virzubereede bzw. muss d’Schoulpersonal Säiten aus engem Buch scannen fir dëst dann iwwer eng digital Form de Schüler zoukommen ze loossen.

6. **Och net digital, edukativ Aktivitéiten erlaben:** Och wann ëmmer méi Education iwwer online Plattformen leeft, dierfe mir net déi analog Form vun der Education vergiessen. Mir fuerderen, dass och analog Formen vu Benotzung vu Copyright/Auteursrechtlech geschützten Wierker solle fir edukativ Zwecker erlaabt sinn an dësen Formen och ënnert d’Ausname vum Artikel 5 fale sollen.

7. **Gemeinsam Aktivitéite vu multipellen edukativen Institutiounen ofdecken:** De Paragraph 1 vum Artikel 5 fuerdert, dass wa Copyright/Auteursrechtlech geschützent Material iwwer online Plattformen genotzt ginn, dës just accessibel solle si fir Schüler, Studenten a Léierpersonal vun där edukativer Institutioun. Den Artikel 5 wëll awer och grenziwwerschreidend edukativ Aktivitéiten ofdecken.

Dowéinst muss sécher gestallt ginn, dass och Schüler, Studenten a Léierpersonal déi mat auslänneschen edukativen Institutiounen affiliéiert si kënne Gebrauch maache vun dësen Ausnamen, fir grenziwwerschreidend edukativ Aktivitéiten net ze behënneren.

-
8. **All Individuen déi mat der edukativer Institutioun affiliéiert sinn ofdecken:** Den Artikel 5 schwätzt just vum Léierpersonal. Mir sinn awer der Meenung, dass och all aner Persounen, déi mat enger edukativer Institutioun affiliéiert sinn, ewéi z.B. Educateuren, Sozialpedagogen, Sonderpedagogen oder aner Professioneller am edukative Beräich, solle Gebrauch vun dësen Ausname kënnen maachen.
9. **Edukativ Aktivitéite vu Kulturinstitutionen ofdecken:** Educatioun geschitt hautdesdaags net nëmmen a Schoulen oder op Universitëten, mee och a Kulturinstitutionen, wéi z.B. Muséeën, Bibliothéiken, oder a parascolairen Institutiounen, ewéi z.B. Scouten oder ASBLen. Mir sinn der Meenung, dass och dës Institutiounen solle Gebrauch vun dësen Ausname kënnen maachen an ënnert dësem Kontext als edukativ Institutiounen ugesi solle ginn.
10. **Formal an non-formal edukativ Aktivitéiten ofdecken:** Den Artikel 5 huet de Fokus op Persounen oder Institutiounen leien, déi Educatioun ubidden, mee Educatioun geet vill méi wäit wei nëmmen déi an engem formale Kontext. Och non-formell Bildung, ewéi z.B. an der Maison Relais, Formatiounen vu Betriber oder fir Weiterbildung vun Erwuessener gehéieren hautdesdaags och an de Kontext vun der Educatioun.
- Mir wëllen drop opmierksam maachen, dass och esou Institutiounen, déi an engem méi non-formelle Kontext Aktivitéiten ubidden, och sollen ofgedeckt ginn.
11. **Edukativ Aktivitéiten op informellen edukative Plattformen ofdecken:** Den Internet huet nei Méiglechkeete geschaaft fir pedagogesch Aktivitéiten duerchzuführen, ouni Participatioun vun edukativen Institutiounen. Et gi verschidden Initiativen, déi den Internet erméiglecht, fir nei, innovativ Aktivitéiten unzebidden. Wann de lëtzebuergesche Legislatuer wierklech modern Educatioun wëll ofdecken, soll d'Gesetz och Plattformen ofdecken, wou massiv oppen Online Course stattfannen, souwéi och Plattformen déi vun informelle Léiergemeinschaften benotzt ginn.

„Article 6: Preservation of cultural heritage“

Artikel 6: D'Erhale vum kulturellen Ierwen

Den Zweck vum [Artikel 6](#) ass sécherzestellen datt d'Muséeën an d'Bibliothéiken hirer Aufgab nokomme kënnen, kulturell wäertvoll Wierker fir déi kommend Generatiounen ze erhalten.

Den Artikel 6 gesäit vir, datt d'Muséeë sech dierfen iwwert verschidde Copyright/Auteursrecht Bestëmmungen ewech setzen, falls dat néideg ass fir d'Wierker ze erhalten:

- [Schutz vun den Datebanken \(1996/9/EC\)](#)
- [Schutz vun eigentleche Konschtwierker \(2001/29/EC\)](#)
- [Schutz vu Computerprogrammer \(2009/24/EC\)](#)
- [Schutz vu Presseartikelen \(2019/790 Art. 15\)](#)

Den Artikel 6 mécht et obligatoresch datt d'Memberstaaten Ausname virgesinn zum Zweck vun der Erhaltung, mee en iwwerléisst et hinnen awer zousätzlech Ausname virzegesinn, z.B. zum Zweck vun der Ausstellung.

Als Chaos Computer Club Lëtzebuerg begréisst mer dësen Artikel, dee méi wäit geet wéi eeler Direktiven (déi de Memberstaate just d'Méiglechkeet ginn haten eng Ausnam fir de Fall vu Conservatioun virzegesinn), mee mir ruffen awer eis Regierung op, och vun der Optioun an dëser Direktiv gebrauch ze maachen, Ausname fir den Zweck vun Ausstellung virzeginn.

Dat géing zum Beispill Muséeë vun ale Computerspiller et erméiglechen hir Stécker net nëmmen am Keller gutt ze versuergen, mee se och fir de Public aus ze stellen, andeem se zum Beispill an ee Sall al Homecomputere stelle wou d'Benutzer dann och eng kuerz Zäit mat deene Spiller spille kënnen.

Mir wëllen de lëtzebuergesche Legislatuer, op folgend Punkten hiweisen:

1. **Eng erweidert Definitioun vu Wierker an der permanenter Sammlung:** An engem net-digitalen Zäitalter, war et relativ einfach ze definéieren, wéi eng Wierker sech an der Sammlung vum Kulturinstitut befannen. Dëst ass awer an engem digitalen Zäitalter net méi de Fall. Hautdesdaags kann et gutt de Fall sinn, dass Bibliothéike Wierker net méi besetzen, mee nëmmen eng Zouganglizenz kafen.
Mir fuerderen dowéinst, falls déi Lizenzen ee laangfristegen Zougang offréieren, sollen déi betreffend Wierker als Deel vun der permanenter Sammlung betruecht ginn.
2. **Séier Tools fir d'Läsche vun technologesche Schutzmoossnamen, déi d'Conservatioun verhënneren:** Déi aktuell Versioun vun der Direktiv ënnersträicht datt d'Rechtebesëtzer fir d'éischt d'Méiglechkeet kréie fir technologesch Schutzmoossnamen ewech ze huelen, déi d'Benutzung vun der Ausnam ënnert dem Artikel 6 verhënneren. Dëst kéint problematesch sinn, well et laang Verspéidunge fir

Kulturinstitutione schaaft, déi Conservatiounaarbecht maache wëllen, all Kéiers eng Ufro beim Rechtebesëtzer fir d'Läsche vun dësen technologesche Schutzmoosname mussen ze maachen, an dëst ob fräiwëlleger Basis vum Rechtebesëtzer geschitt. Dowéinst fuerdere mir, dass et de Kulturinstitutione sollt erlaabt sinn dës technologesch Schutzmoosname sëlwer ze emgoen.

3. **Eng oppe Lëscht vun erlaabten Zwecker:** Och wann d'Conservatioun dat iwwergeuerdent Zil vun dësem Artikel ass, kann dës nach ëmmer ënnert verschidden Aarte vun Aktivitéite geschéien. Doduerch dass d'Direktiv dëst oppe léist, fuerdere mir sou vill relevant Aktivitéite wéi méiglech anzebannen, wéi z.B. Katalogiséierung oder Bibliographie, fir sécherzestellen, dass all Aarbechten déi mat der Conservatioun vun de Wierker verbonne sinn erlaabt sinn.
4. **Keng Restriktionen op Tools, Medien, Formater oder Partner:** De Geescht an d'Wuert vun der Direktiv si kloer iwwert d'Fräiheet, déi d'Kulturinstitutione solle kréie fir ze entscheede wéi a mat wem si schaffe wëlle fir Conservatioun vu Wierker. Dëst sollt sech och kloer an der nationaler Ëmsetzung erëmispigelen.
5. **Keng kontraktuell Iwwertrompunge:** D'Direktiv mécht et kloer datt d'Conservatiounsansnam soll geschützt gi viru kontraktuellen Iwwertrompunge. Et sollt kloer sinn datt Kulturinstitutione fäeg sinn esou Bedingungen ze ignoréieren.
6. **„Web-Harvesting“ ofdecken:** De Wäert vun der „Web-Harvesting“ als Mëttel fir zäitgenëssesch Opzeechnunge festzehale gëtt ëmmer méi unerkannt, awer et bestinn nach ëmmer legal Onsécherheeten. Dëst gëtt net onbedéngt vun der Direktiv a senger aktueller Form geléist, well se sech op Sammlunge fokusséiert. Dowéinst fuerdere mir, dass och „Web-Harvesting“ een erlaabtent Mëttel soll si fir Conservatioun vu Wierker ze garantéieren.
7. **Ofdecke vun allen internen Utilisatiounen vu kulturelle Institutionen:** Och wann et méiglech ass eng Zuel vun Aktivitéite vun de Kulturinstitutionen an d'Conservatioun anzebezién, vun deenen der vill an der Direktiv ernimmt ginn, ass d'Ausnam fir d'Bibliothéiken an der aktueller [Infosoc-Direktiv \(5\(2\)\(c\)\)](#) net obligatoresch. Dowéinst fuerdere mir, dass eng breet definéiert, obligatoresch, an dem digitalen Zäitalter ugepassten Ausnam agefouert gëtt, déi géif Onsécherheeten ewechhuelen.

„Article 7: Contractual and technological override“

Artikel 7: Kontraktuell an technologesch Iwwertrompen

Artikel 7 beschreift den Afloss vun den neie Copyright/Auteursrecht Ausnamen op Kontrakter, wéi och op technologesch Schutzmoosnamen. Deem entsprechend huet Artikel 7 e groussen Afloss ob d'Artikelen 3–6.

Artikel 7.1 beseet, dass Kontrakter keng vun den neie Copyright/Auteursrecht Ausnamen iwwertrompe kënnen. Och wann e Benotzer e Kontrakt ënnerschreift, dee probéiert Rechter vun der Notzung anzeschränken, déi als Ausnahme festgeluecht sinn, ass dëse Kontrakt net rechtsgülteg.

Artikel 7.2 beseet, dass Memberstaate musse sécherstellen, dass Benotzer Zougang zu Material kënnen kréien, wou den Zougang mat technologesche Schutzmoosname verhënnert gëtt. Dat betrëfft och Material wat d'Benotzer kontraktuell kritt hunn.

Mir als Chaos Computer Club Lëtzebuerg wëllen am Ufank direkt dorobber opmierksam maachen, dass bei dësem Artikel folgend Punkten ongerecht sinn:

- Am Artikel 7.2 gëtt net kloer gestallt, wei esou een Zougrëff muss erméiglecht ginn.
- Artikel 7.2 ka vum nationalem Gesetz nach revidéiert oder ofgeännert ginn.

Aus dëse Grënn verlaange mir:

1. **72 Stonnen Delai bis den Zougang garantéiert muss sinn, falls technologesch Schutzmoosnamen den Accès verhënnere:** A verschiddene Memberstaate kann een den Zougang iwwert Gerichter akloen oder iwwert komplizéiert administrativ Prozeduren. Dëst féiert just dozou, dass Benotzer dës Méiglechkeet dacks net notzen.

Dowéinst fuerdere mir, dass de Lëtzebuergesche Legislatuer, eng einfach a transparent administrativ Prozedur implementéiert, fir sécherstellen, datt Benotzer d'technesch Mëttele kréien fir dass den Zougang zu Wierker, déi mat technologesche Schutzmoosnamen geséichert sinn, garantéiert gëtt. Dëst soll am beschten iwwert benotzerfrëndlech, Open-Source Online Formulaire geschéien. Weiderhi soll festgeluecht ginn, dass, wann ee Benotzer esou eng Ufro stellt, bannent maximal 72 Stonnen den Zougang zu de Wierker garantéiert gëtt.

2. **Copyright/Auteursrecht-Besëtzer solle verantwortlech sinn, falls den Zougang net bannent 72 Stonne garantéiert gëtt:** Gesetzter sollen Ureizer fir Copyright/Auteursrecht-Besëtzer schafe fir d'Rechter vun de Benotzer ze respektéieren. Dowéinst fuerdere mir, dass Copyright/Auteursrecht-Besëtzer eng Kompensatioun un de Beneficiaire vun de Copyright/Auteursrecht Ausnamen ausbezilt, wa si den Zougang zu Wierker, déi mat technologesche Schutzmoosnamen geséichert sinn, net bannent 72 Stonne garantéieren.

-
3. **All Ausname solle viru kontraktuellen Iwwertrompunge geschützt sinn:** Et gëtt keng Justifikatioun fir e puer Copyright/Auteursrecht Ausname géint Kontrakter ze schützen, an anerer, inklusiv Ausname vun ëffentlechen Interesse wéi Zitater, Parodie a Pastiche, ongeschützt ze loossen. Kontraktuell Klauselen, déi versichen Ausnamen ze limitéieren oder ze verhënneren, géifen d'Benotzer nëmmen an enger fragiller Positioun hannerloossen, well d'Benotzer keng aner Wiel hätten, wéi Konditiounen fir den Zougang zum Inhalt ze akzeptéieren. Dowéinst fuerdere mir, dass all Ausnam, och sollt viru kontraktuellen Iwwertrompunge geschützt ginn.
 4. **All Ausname solle virun technologeschen Iwwertrompunge geschützt sinn:** Et gëtt keng Justifikatioun fir Copyright/Auteursrecht Ausnamen anescht ze behandelen, ofhängeg vun der Aart a Weis wéi op se zougegraff gëtt. D'Benotzer vun Ausnamen, déi am Kär dem ëffentlechen Interesse déngen (wéi z.B. Zitater, Parodie a Pastiche), solle gläichermoosse vum Recht Gebrauch kënnen maachen, den Zougang zu Wierker, déi mat technologesche Schutzmoosnamen geséichert sinn, unzefroen an déi ze zitéieren oder anescht ze benotzen.
 5. **Ëmgoe vu Schutzmoosname soll erlaabt sinn, sou wäit wéi néideg, fir Uwendungen ënnert enger Ausnam ze benotzen:** Deen eenzege Wee, fir ze garantéieren, datt Benotzer effektiv Zougang zu Wierker, déi mat technologesche Schutzmoosname geséichert sinn, kréien, ass deene Benotzer d'Recht ze ginn, dës Schutzmoosname legal ze ëmgoen. Dowéinst fuerdere mir, dass Benotzer eben dëst Recht kréien. Mir fuerderen och, dass eng Ufro, wéi mir se am Punkt 1 fuerderen, net obligatoresch muss sinn, fir dëst Recht unzewenden.

„Articles 8–11: Use of out-of-commerce work“

Artikelen 8–11: Benotzung an Verwendung vun Wierker, déi net méi am Handel sinn

Den [Artikel 8](#) setzt sech mat der Problematik vun der sougenannter „Abandonware“ auseinander, also vu Wierker, déi net méi kommerzialiséiert ginn, an un deenen, am Fong geholl, den Auteur an/oder den Editeur keen Interessi méi huet. Et ass ee vun deene puer gudden Artikelen vun dëser Direktiv, well en erlaabt et interesséierten Institutiounen, wéi zum Beispill Muséeën a Bibliothéiken, Efforten ze maache fir Wierker fir d'Nowelt ze erhalten a se dem Public zougänglech ze maachen, esouguer da wann deen ursprénglechen Auteur an/oder Editeur näischt méi mat dem Wierk wëll ze dinn hunn, oder guer net méi ze fannen ass.

Associatiounen vu Rechtheverwärerter kréie souzesoen d'Procuratioun fir mat Muséeën a Bibliothéiken iwwert d'Benotzung vun esou Wierker ze verhandelen. An deene Beräicher, wou keng esou Associatiounen besti kréien d'Muséeën an d'Bibliothéiken esouguer d'Recht sech ënner gewësse Konditiounen déi Wierker ze „appropriéieren“.

Déi puer nächst Artikelen definéieren Limitten an ee praktesche Kader fir den Artikel 8. Den [Artikel 9](#) definéiert op wéi eng Manéier déi Rechter iwwert d'Grenzen ewech exerceiert kënne ginn.

Den [Artikel 10](#) definéiert, wéi Auteurs an Editoren, déi e Wierk abandonéieren, doriwwer informéiert kënne ginn, datt Muséeën a Bibliothéiken dat elo „opgegraff“ hunn, a wéi se sech trotzdeem esou enger Verwäertung kënnen opposéieren.

Den [Artikel 11](#) stellt kloer datt, wann d'Memberstaate Gesetzter maache fir den Artikel 8 ëmzesetzen, datt dat am Dialog mat den interesséierten Organismen ze geschéien huet. Dat wieren also Representante vun Editoren an Auteurs op enger Säit, a vu Muséeën a Bibliothéiken op där anerer Säit.

Mir wëllen awer de lëtzebuergesche Legislatuer op folgend Punkten opmierksam maachen:

1. **Den Ëmfang vum Lizenzmechanismus kloer definéieren:** Aus der Perspektiv vu Kulturinstitutiounen ass et e groussen Ënnerschied tëscht der Bereetstellung vu Wierker, déi net méi am Handel sinn, op Grondlag vun enger Ausnam oder ënnert enger Lizenz. D'Acquisitioun vu Lizenzen erfuerdert gutt Verhandlungsfähigkeiten, dës Verhandlungen kënnen zu kenge Resultater féieren, grenziwwerschreidend Uwendbarkeet ass manner einfach a Lizenzen ënnerleien der Remuneratioun.

Fir Rechtssécherheet fir all involvéiert Parteien ze kreéieren ass et wichteg, datt de Lizenzmechanismus nëmmen a Situatiounen benotzt gëtt wou eng „Collective Management“-Organisatioun representativ genuch ass, fir Rechter vun där Zort Wierker ze verwalten. Dëst erfuerdert eng kloer Definitioun vun der „Natur vun de Wierker“ an den erfaasste Rechter. D'Bestëmmung wéi eng „Collective Management“-Organisatioun representativ genuch ass sollt idealerweis duerch ee Gesetz festgeluecht ginn an, wann néideg, vun der lëtzebuergescher Legislatur an enker Zesum-

menaarbecht mat Kulturinstitutionen an de „Collective Management“-Organisationen (méiglech am Kader vum Stakeholder-Dialog).

2. **Funktionell a breet Definitioun vu „Wierker, déi net méi am Handel sinn“:** D’Definitioun vu „Wierker, déi net méi am Handel sinn“, am Paragraph vum Artikel 8, ass ganz allgemeng gehalen an ass net ëmmer einfach uwenbar fir all Typ vu Wierker. D’Memberstaate hunn awer d’Méiglechkeet spezifesch Ufuerderunge festzeleeë fir ze bestëmmen, ob e Wierk ee „Wierk, dat net méi am Handel ass“ ass an dëst muss a Consultatioun mat de Kulturinstitutionen, Rechtebesëtzer a „Collective Management“-Organisationen bestëmmt ginn. Och seet den Paragraph 37 am Preamble, dass onverëffentlecht Wierker sollen als „Wierker, déi net méi am Handel sinn“ klassifizéiert ginn.
3. **Keng Definitioun vum adequaten Effort, fir festzestelle wéi eng Wierker net méi am Handel erhältlech sinn:** Grënn am Preamble ginn eng Uleedung, wat als adequaten Effort sollt ugesi ginn, fir festzestellen, ob ee Wierk als „Wierk, dat net méi am Handel ass“ ka klassifizéiert ginn. Wann den adequaten Effort streng definéiert gëtt, besteet d’Gefor, dass de ganze System vum Artikel 8 onnëtz gëtt. Dowéinst fuerdere mier eng breet ugeluechte Definitioun ze benotzen.
4. **Transparent an effizient „Collective Management“-Organisation:** De Paragraph 34 vum Preamble rappelléiert un d’Existenz vun der Direktiv 2014/26/EU iwwert verantwortungsvoll Gouvernance, Transparenz a Berichterstattung, wéi och déi reegelméisseg, suergfältig a genau Verdeelung a Bezuelung vu Beträg wéinst den eenzele Rechter duerch „Collective Management“-Organisation. Egal ob eng „Collective Management“-Organisation effizient ass, beaflosst dat d’Méiglechkeete vun de Kulturinstitutionen fir Lizenzen ze kréien an ob eng „Collective Management“-Organisation aktiv a transparent ass bei der Ëmverdeelung vun de Beträg, wäert dëst een Impakt hunn ob d’Legitimitéit vun den Erhiewunge vu Beträg vu Kulturinstitutionen, fir net-kommerziell Notzung vu Wierker. Den Artikel 35 vun der Direktiv 2014/26/EU verlaangt och, datt d’Memberstaaten, Sträitregelungsorganer fir Disputen tëscht „Collective Management“-Organisation a Benotzer (wéi Kulturinstitutionen) op Lizenzbedingunge etabléieren.

Mir fuerderen, dass dës Sträitregelungsorganer och verfügbar sollte sinn a Bezuch op Lizenze fir „Wierker, déi net méi am Handel sinn“. Dës Sträitregelungsorganer sollen Orientéierung bidden, iwwert Remuneratioun fir sou Lizenzen an och solle si préiwen op „Collective Management“-Organisationen representativ si fir eng bestëmmten Zort vu Wierker.
5. **Sënnvollen Dialog mat Stakeholderen:** D’Regierunge müssen ee spezifesche Stakeholder-Dialog tëscht Kulturinstitutionen, „Collective Management“-Organisation a Rechtebesëtzer organiséieren, fir datt och Stakeholderen ee Matsproocherecht kréie fir Bedingunge festzeleeën ab wéini ee Wierk ënnert „Wierker, déi net méi am Handel sinn“ fält.

6. **Fir een nätzlech „European Union Intellectual Property Office“ (EUIPO)**

Portal: Den Artikel 10 verflucht d'EUIPO een eenzegt online Portal opzebauen, mat „Informatiounen vu Kulturinstitutionen, ‚Collective Management‘-Organisationen oder zoustänneg öffentlech Autoritéite fir Wierker z'identifizéieren, déi vun enger Lizenz ofgedeckt sinn, ënner dem Paragraph 1 vum Artikel 8, oder ënnert der Ausnamen, déi am Paragraph 2 vum Artikel 8 virgesi sinn. Souwéi Informatiounen iwwert Optiounen déi dem Rechtesbesëtzer, ënnert dem Paragraph 4 vum Artikel 8, zu Verfügung stinn.“ Informatiounen iwwert „Wierker, déi net méi am Handel sinn“, musse 6 Méint, virun hirer Online-Verfügbarkeet an dësem Portal verëffentlech ginn. Dëst bedeit, dass dëst Portal ee potenziellen Enkpass duerstellt, deen den Notze vun de Bestëmmunge fir „Wierker, déi net méi am Handel sinn“ zolidd aschränke kann.

Fir dëst ze verhënneren, fuerdere mir, dass dat Portal gutt an déi bestoend Aarbechtsofleef vu Kulturinstitutionen a „Collective Management“-Organisationen integréiert gëtt, sou dass d'Verëffentlechung vun den erfuerderleche Informatiounen net zu enger Belaaschtung gëtt.

7. **Grenziwwerschreidend Aktivitéiten erlaben:** Virun allem fir ee klengt Land ewéi Lëtzebuerg ass et wichteg, datt d'Rechter déi eis Muséeën a Bibliothéiken duerch den Artikel 8 kréien net ageschränkt gi fir datt déi Institutionen och Duerstellung vum hire Wierker, auslännesche Visiteuren, online zougänglech maachen dierfen. Den Artikel erlaabt eng Interpretatioun, datt per Definitioun esou een Zougang an deem Land stattfënnt, wou de Musée oder d'Bibliothék etabléiert ass. Mir schloen dem Lëtzebuergeschem Legislatuer also fir, déi Méiglechkeet auszeschaffen, an op esou genannten „Geoblocking“ ze verzichten.

„Article 14: Works of visual art in the public domain“

Artikel 14: Wierker vu visueller Konscht am Domaine Public

An der laanger Geschicht vun der EU wäert ee sech duerch dës Direktiv, eng éischte Kéier fir d'Schütze vum Domaine Public asetzen. Den [Artikel 14](#) ass ee vun e puer gudden Artikelen, deen duerch dës Reform soll ëmgesat ginn. An dësem Artikel geet et dorëms, dass Reproduktiounen vu visueller Konscht, déi am Domaine Public steet, net duerch Copyright/Auteursrecht geschützt kënne ginn. Dës Reproduktiounen géifen also dem Domaine Public erhale bleiwen.

Do derbäi kënnt, dass Reproduktiounen vu visueller Konscht, déi am Domaine Public steet, an allen EU Memberstaate kënne fräi benotzt ginn. Bis ewell ass dat net de Fall. An deenen enge Memberstaate stoung et ënnert Copyright/Auteursrecht, an anere net.

Mir wëllen awer de lëtzebuergesche Legislatuer op folgend Punkten opmierksam maachen:

1. **Kloer definéiere wat ënnert visuell Konscht fält:** Bei der Ëmsetzung muss de Legislatuer fir d'éischt festhalen, wat alles ënnert visuell Konscht fält. Zweek- ewéi dräidimensional Konscht, wéi zum Beispill, awer net nëmmen: Fotografie, Video, Zeechnungen. Do derbäi dierfe Skulpturen esou wei Prints aus dem 3D Drucker net vergiess ginn.

De Begrëff Reproduktioun muss och genau definéiert ginn. Dorënner versti mir all zwee- an/oder dräidimensional Reproduktioun vum Original. Egal wat fir e Format, Technik oder Medium benotzt gouf.

2. **Kloer definéiere wat ënnert net-originell Reproduktioun fält:** Et muss kloer definéiert si wat eng Reproduktioun ass. Och sollen 3D Reproduktiounen an dëser Definitioun virkommen. Wärend d'Haaptzil vun dësem Artikel de fräie Gebrauch vu getreie Reproduktiounen ze garantéieren déi zweedimensional sinn (z.B. Reproduktiounen vu Biller) ass, ass et awer net nëmmen op dat limitéiert.

Dowéinst fuerdere mir, dass och z.B. dräidimensional Reproduktiounen (z.B. 3D Modeller baséiert op 3D-Scanns vu Skulpturen) sollen ënnert d'Ausname vum Artikel 14 falen.

3. **Net-originell Reproduktioun vun öffentleche Wierker sollen net ënnert Copyright/Auteursrecht gestallt ginn:** Dës weidere fuerdere mir, dass eng originalgetreie Reproduktioun vu visueller Konscht, déi ënnert Domaine Public steet oder wou d'Copyright/Auteursrecht ofgelaf oder ni existéiert huet, fräi an oppe muss bleiwen.

Et kann net sinn, dass esou Reproduktiounen nees ënnert Copyright/Auteursrecht gestallt ka ginn. Domaine Public muss och weiderhi fir originalgetreie Reproduktiounen gëllen. Soss lafe mir Gefor, dass eist kulturellt Ierwe fir d'Allgemengheet onzougängelech gëtt.

-
4. **Net-originell Reproduktione vu Wierker sollen net ënnert Copyright/Auteursrecht gestallt ginn:** Länner, déi exklusiv Schutzrechter op net-originell Reproduktiounen erlaben kënnen och ee Schrëtt méi wäit goen, an dëse Schutz vollstänneg ophiewen, well et keng Rechtfäerdegung gëtt, iergendengem Exklusivrechter ze ginn, dee keen originellt Wierkt erschaaft huet.

„Article 15: Protection of press publications concerning online uses“

Artikel 15: Schutz vu Pressepublikatiounen déi d'online Notzung betreffen

Den [Artikel 15](#) probéiert déi negativ finanziell Aussichten an der digitaler Welt vun Preseditoren ze verbesseren. Hei soll een neit Recht agefouert ginn, wat et hinnen erlaabt, ze kontrolléieren, wéi a vu wem Pressepublikatiounen benotzt kënne ginn. Dat soll duerch déi sougenannten „Information Society Service Providers“ („ISSPs“) geschéien.

Mir gesinn den Artikel 15 als problematesch well:

1. Publikatiounen gi protegéiert, souguer wa se net d'Originalitéitsschwell erfëllen, fir ënnert engem Copyright/Auteursrecht ze stoen.
2. Verhënnert et d'Benotzung vun Deeler aus der Pressepublikatioun, ausser et sinn „ganz kuerz Auszich“.
3. Erschaaft eng néi Schicht vun exklusivem Rechter zousätzlech zum Copyright/Auteursrecht. Dëst Recht protegéiert déi net originell Sammlung vu journalisteschen Aarbechten („Pressepublikatiounen“) an d'Copyright/Auteursrecht wäert weiderhin d'originell Sammlungen an journalistesch Aarbechten u sech protegéieren (wéi zB: Journalistesch Artikelen, Fotoen, Videoen asw.)

Dofir wëlle mir de Lëtzebuergesche Legislatuer op e puer Punkten opmierksam maache fir verschidden negativ Effekter vun dësem Artikel, ze evitéieren:

1. **Eng oppe geloossen Definitioun vu „ganz kuerz Auszich“:** D'Direktiv schwächt dovunner, dass ganz kuerz Auszich vun dësem Recht ausgeholl sinn. Lo hänkt et awer vum Kontext, Medium, Alter a gesellschaftlechen Normen of, wat elo mat „kuerz“ gemengt ass, a wat net. Dowéinst si mir dofir, dass de lëtzebuergesche Legislatuer keng genee maximal Längt am Gesetz festhält.
2. **Fakten a Blogs sollen net ënnert dësem Schutz stoen:** Mir gleewen, dass dat dozou bäidréit, fir een Equiliber tëscht Schutz a Meenungsfräiheet ze fannen a fuerderen, dass dat bei der nationaler Ëmsetzung mat abezu gëtt.
3. **All bestoend Copyright/Auteursrecht Ausname sollen op dat neit Recht applizéiert ginn:** Den Artikel 15 schaaft eng nei Schicht vun exklusivem Rechter zousätzlech zum Copyright/Auteursrecht. Dëst Recht protegéiert net originelle Contenu. Trotzdeem sollten hei awer déi selwecht Ausnamen an Aschränkunge gëlle wéi beim originellem Contenu.
4. **Kloer stellen, dass Editeuren op hiert neit Recht verzichte kënnen:** Onverzichtbar Rechter sinn net kompatibel mat gratis Lizenzen. En Editeur soll d'Méiglechkeet hunn, op säi Recht ze verzichten. Domat ass sécher gestallt, dass hire Contenu fräi gedeelt ka ginn.

„Article 17: Use of copyrighted content by online platforms“

Artikel 17: Benotzung vu Copyright/Auteursrechtlech geschützten Contenu, duerch online Plattformen

Den [Artikel 17](#) ännert d'Responsabilitéitsreegele fir déi meescht Profit orientéiert „Content-Sharing“ Plattformen (am weideren als „OCSSPs“ ofgekierzt). Dës Plattformen ginn elo selwer responsabel gemaach, fir den Inhalt, dee vun hire Benotzer eropgeluede gëtt. Als Konsequenz si se direkt haftbar fir all Upload, deen d'Copyright/Auteursrecht verletzt. Dëst bedeit, dass se eventuell fir alles wat eropgeluede gëtt, Lizenzkäschte mussen droen oder automatesch Inhaltserkennungstechnologie benotze fir potenziell Verstéiss direkt erauszefilteren. Dëst wäert zu enger wesentlecher Begrenzung vun der Meenungsfräiheet vun de Benotzer féieren, well automatiséiert Filteren, kee Kontext verstinn an et awer divers Ausname gi wou d'Benotzung vu Copyright/Auteursrechtlech geschützten Material legal ass (Parodien z.B.).

Et muss ee bedenken, dass d'Rechter vum Benotzer méi engem groussen Risiko ausgesat sinn, wann d'Plattformen op Filtere vertrauen, wéi wa se d'Autorisatioun kréien oder Lizenzkäschten droen, fir eventuell Copyright/Auteursrechtlech geschützten Material ze benotzen. Dowéinst mussen déi national Gesetzgeber, legal Mechanismen erfuersche fir dës Autorisatiounen einfach a séier ze verginn. Da muss och d'Applikatioun vu Filtertechnologie souwäit wéi méiglech limitéiert ginn.

D'Memberstaate mussen och vaste a robust Copyright/Auteursrecht Ausname besetzen. Et ass natierlech och ee Mechanismus fir d'praktesch Ëmsetzung an d'Reglementatioun dovunner vir ze gesinn. Dat ass néideg fir ze garantéieren, dass eng legitim Verwendung vu Copyright/Auteursrechtlech geschützten Material net duerch den Asaz vu Filtertechnologie verhënnert ka ginn. Mir proposéieren dem lëtzebuergeschem Legislatuer dofir och folgend Sécherheitsmoossenamen:

1. **Eng remuneréiert Ausnam aféieren:** „OCSSPs“ mussen een, duerch Copyright/Auteursrecht geschützten Akt, duerchféieren, wann sie Copyright/Auteursrechtlech geschützte Material hire Benotzer zur Verfügung stellen. Dat heescht, dass sie och musse folgend Bedingunge sécherstellen:
 - Copyright/Auteursrecht-Besëtzer hunn een exklusivt Recht iwwert hier Wierker. Sie bestëmmen ob hier Wierker op „OCSSPs“ gedeelt därefer ginn oder net.
 - „OCSSPs“ kënnen just Wierker der Ëffentlechkeet zur Verfügung stellen, wou sie d'Erlabnis dofir hunn.

Fir déi negativ Konsequenze vum Artikel 17 ze reduzéieren, fuerdere mir, dass de lëtzebuergesche Legislatuer, den Artikel 17 als eng kompenséiert bzw remuneréiert Ausnam bzw. Restriktioun ëmsetzt. Dëst sollt als alternativen Autorisatiounsmechanismus zu enger kontraktueller Autorisatioun agefouert ginn. Dëst ass och vun Däitschland proposéiert ginn. Och soll de lëtzebuergeschen Legislatuer eng obligatoresch kollektiv Verwäertung fir verschidden Aarte vu Wierker consideréieren.


-
2. **Keng Benotzung vun Technologie virschreiwen, fir adequaten Effort ze beweisen:** De Paragraph 4 vum Artikel 17 beschreift, wat „OCSSPs“ müssen erfüllen, fir net iwwert Copyright/Auteursrechtlech geschützte Wierker op hire Plattformen, verantwortlech ze sinn. De Punkt b schreift fir, dass si müssen hiert Bescht maachen, fir sécherstellen, dass Copyright/Auteursrechtlech geschützent Material, fir dat si keng Erlabnis hunn, net ob hirer Plattform verfügbar ass. Et gi vill verschidde Forme fir dëst ëmzesetzen. Dowéinst fuerdere mir, dass de Lëtzebuergesche Legislatueur keng Benotzung vun Technologie oder spezifischen technologeschen Solutiounen virschreift, sou dass och an Zukunft sécher gestallt ass, dass nei Technologie kënnen agesat ginn, déi haut nach net verfügbar sinn.
 3. **Keng allgemeng Iwwerwaachung:** De Paragraph 8 vum Artikel 17, enthält ee Verbuet, dass „OCSSPs“ keng allgemeng Iwwerwaachung däerfen aféieren, fir den Artikel 17 ëmzesetzen. Mir fuerderen, dass all Solutioun, déi ënnert dem Punkt b vum Paragraph 4 vum Artikel 17, ëmgesat gëtt, muss de Paragraph 8 vum Artikel 17 respektéieren. Abegraff sinn do och automatesch Contenu-Erkennung („content recognition“) Technologien.
 4. **Automatiséiert Filteren aschränken:** Egal wat fir eng Solutioun opgrond vum Punkt b am Paragraph 4 agesat gëtt, müssen d’Bestëmmungen déi am Paragraph 7 an 9 festgeluecht goufe respektéiert ginn. Och muss ee Mechanismus am Gesetz festgehalten ginn, deen eng praktesch Applikatioun vum Paragraph 4 a Konformitéit mam Paragraph 7 erlaabt. Dëse Mechanismus muss och beuechten, dass et net duer geet, dass legitimme Contenu einfach nees hiergestallt gëtt, nodeems dee geblockt gouf. Mir fuerderen, dass legitim Uploads, verfügbar bleiwen, bis eng Persoun, de Contenu iwwerpréift huet. Dëst ass vun zentraler Bedeutung fir de Schutz vun der Meenungs- an Informatiounsfräiheet vun de Benotzer.

Doduerch fuerdere mir, dass „OCSSPs“ nëmmen automatiséiert Technologien dierfen asetzen, wa séchergestallt ass, dass hiren Asaz net zur Läschung vu legitimme Contenu féiert. Dëst erfuerdert och, dass Plattformen d’legitim Benotzung vun Contenu musse berécksiichtegen. Falls keng offensichtlech Rechtsverletzung virläit, müssen d’Notzer, d’Méiglechkeet kréien, all automatiséiert Aktioun ze iwwertrompen, ier geblockt/geläscht gëtt. An dësem Kontext rode mir un, dass den Artikel [„Safeguarding User Freedoms in Implementing Article 17 of the Copyright in the Digital Single Market Directive“](#), dee vun 51 féierende europäesche Copyright-/Auteursrecht-Wëssenschaftler verfaasst gouf, als Beispill fir d’Ëmsetzung vum Artikel 17 kann déngen.
 5. **D’Filtertechnologie muss transparent si fir se an der Gitt ze halen:** Plattformen déi Filtertechnologie benotzen, müssen hier Technesch Parameter oppe leeën, an d’Leit müssen d’Méiglechkeet kréien, fir géint Plattformen virzegoen, déi repetitiv legitimme Contenu blockéieren oder läschen. Geriichter oder aner Iwwerpräiungsorganer müssen d’Méiglechkeet hunn, fir Ännerungen an de Parameter virzeginn, falls déi bestoend Parameter zu engem iwwerdriwwenem Blockéiere féieren. Zum Beispill, awer net nëmmen, „False Positives“.

-
6. **Plattformen müsse Statistiken publizieren:** Transparenz ass ee Mëttel fir déi negativ Ausmoosse vu Filtertechnologien ze reduzéieren. Dowéinst fuerdere mir, dass Plattformen, déi esou Filtertechnologien asetzen, Statistiken publizéieren müssen: Wéi dacks eppes blockéiert/geläscht gouf an och aus wat fir engem Grund. Do derbäi soll och d'Zuel u Reklamatiounen an d'Resolutiounen vun deene Reklamatiounen verëffentlecht ginn.
 7. **Transparenz vu Copyright/Auteursrecht-Fuerderungen:** Mir fuerderen datt all Eegentumsuspréich am Kontext vun deene am Artikel 17 verlaangte Moossnamen zu 100% transparent solle si fir datt ëffentlech kann driwwer diskutéiert ginn, an onberechtigt Uspréich kënnen a Fro gestallt ginn. Idealerweise sollt dat mat Hëllef vun enger zentraliséierter Datebank geschéien. Esou soll verhénnert ginn, datt Rechteinhaber Saachen blockéieren oder ewech huele loosse fir déi se guer kee Copyright/Auteursrecht hunn, oder wou d'Benotzung ënnert eng erlaabten Ausnam fält. Déi zentral Datebank soll och eng Wäiss Lëscht vu Wierker enthalen vun deene bekannt ass, datt se am Domaine Public sinn, oder ënnert enger oppener Lizenz stinn. D'Plattformen sollen obligéiert sinn, d'Informatiounen déi se vun de Rechteinhaber kréie mam Contenu vun dëser wäisser Lëscht ze vergläichen ier se Moossnamen ënnerhuele fir hiren Obligatiounen ënnert dem Punkt vum Paragraph 4 am Artikel 17 nozekommen.
 8. **Sanktiounen géint Abuse vu Säite vun de Rechteinhaber:** Mir fuerderen, datt géint falsch Eegentumsuspréich, Sanktiounen agefouert ginn. Dat soll géint d'Abuse vum Mechanismus, deen ënnert dem Artikel 17 agesat ginn ass, hëllefen. Dës Sanktiounen solle virun allem Widderhuelungstäter treffen, ob se dat elo muttwëlleg oder aus Versi gemaach hunn. An dësem Kontext kéint de lëtzebuergesche Legislatuer sech ee Beispill un der Diskussiounspropositioun vum däitsche Justizministère huelen.

Resourcen

1. Digital Single Market Direktiv (2019/790)
<https://eur-lex.europa.eu/eli/dir/2019/790/oj>
2. Safeguarding User Freedoms in Implementing Article 17 of the Copyright in the Digital Single Market Directive
https://papers.ssrn.com/sol3/papers.cfm?abstract_id=3484968
3. DSM Directive Implementation Portal
<https://www.notion.so/DSM-Directive-Implementation-Portal-97518afab71247cfa27f0ddeee770673>



CHAOS COMPUTER CLUB
LËTZEBUERG

(PRESSE)KONTAKT:

E-MAIL: info@c3l.lu / press@c3l.lu

TELEFON: +352 27 40 20 30

WEB: <https://c3l.lu> / <https://copyrightreform.lu>

Bedenkt w.e.g.l. datt mir all Fräiwëlleger hei sinn. Erwaart keng direkt Äntwerten! Et ginn einfach keng Büroszäiten.